12.05.2024 - Luxembourg

# Roverway 2024 Norway - Luxembourg Contingent

# Newsletter 5

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

An dëser Newsletter kritt dir weider Informatiounen zum Transport fir äre Path, wichteg Dokumenter, an Accés zu der Power Point vum Prépa-Weekend.

## 1. Path Informatiounen:

Mir hunn vun den Norweger een Dokument kritt, wou alleguerten Paths dra sinn mam Entry Point an soss nach weider Informatiounen. Dëst Dokument fannt dir hei: Path Description All

Falls äre Path nach net sollt an dësem Dokument sinn, kënnt en nach dobäi. Doku ment gëtt ëmmer nees à jour gesat.

Genee Informatiounen zum Path wäert äre Patrulle Chef (Patrol Leader) kréien. Hei zou gehéiert och zum Beispill falls dir eppes Extraes sollt matbréngen.

## 2. Transport Path:

Kuckt nach emol am Dokument fir den richtegen Entry Point ze hunn. Dir kënnt och elo ären Transport fir op den Path buchen, ausser mir hunn iech kontaktéiert dass eppes net stëmmt oder mir weider Infoen vun iech brauchen. Soot w.e.g dem CMT Bescheed soubal dir ären Transport gebucht hutt, an schéckt eis och d'Rechnung (am beschten a PDF Format) domat dir kënnt rembourséiert ginn. Dëst sollt am beschten vum Patrullechef gemaach ginn.

## 3. Wichteg Dokumenter

Fir den Roverway musst dir verschidden Dokumenter mathuelen. Als Sécherheet bieden mir iech eng Kopie vun dësen Dokumenter per Mail un den CMT ze schécken. Schéckt w.e.g follgend Dokumenter bis spéitstens de **15 Juni** un cmt@rw2024.sil.lu :

---

- Kopie vun der Carte d'identité oder vum Pass (dat Dokument mat dem de Fligerticket gebucht gouf)
- Ënner 18: **Kopie vun der Autorisation parentale!** Op eisem Site fannt dir ee Model vun der Autorisation parentale. Huelt dëst Model Dokument w.e.g mat op är Gemeng an loost et do ënnerschréiwen an ganz wichteg den Stempel vun der Gemeng drop maachen. **Ouni Stempel ass Autorisatioun net gülteg!**
- Kopie vun der Carte de sécurité sociale
- Kopie vun der Fiche Médicale. D'Fiche Médicale fannt dir och op eisem Site

**Wichteg!**

Bei der Autorisation Parentale ass et wichteg dass dir den Original dobäi hutt. Et ass och **obligatoresch** Fiche Médicale am perséinlechen Gepäck dobäi ze hunn. Mir kontrolléieren um Départ nach eng Kéier op jiddereen seng Autorisation parentale a Fiche Médicale dobäi huet! Vun all den aneren Dokumenter recommendéiere mir och dass dir eng perséinlech copie am **Handgepäck** dobäi hutt, am Fall wou eppes sollt sinn.

## 4. Materiallëscht

Eng detailléiert Materiallëscht fannt dir hei: Material. Mir hunn am Fliger 23kg Gepäck wat kann agecheckt ginn. Denkt och drun Täschemesser a soss geféierlech Geigestänn an dat grousst Gepäck ze maachen. Alles wat een Akku oder eng Batterie huet muss an Handgepäck! Am beschten ass et och wann dir ären groussen Rucksack fir de Flug an ee Flight Bag maacht. Esou gi Schnallen vum Rucksack net futti an en ass allgemeng méi geschützt. Esou ee Flight Bag kritt dir an allen Outdoor Geschäfter wéi zum Beispill AS Adventure. Weider detailer zum Bagage an

Gepäck betreffend Fluggeselschafte sinn och op eisem site ze fannen op: https://rw2024.sil.lu/newsletters-documents/

**Hei wichteg: Wann dir een dynamic Path hutt musst dir äre Rucksack den ganzen Dag droen kënnen!** Hei also net de Maximum vun 23kg apake well dir wäert äre Rucksack soss net droen kënnen. Dir kënnt zum Beispill och Material op Participanten aus äerer Patrull opdeelen.

## 5. International Evening

Um Main Camp (no de Paths) ass een Dag virgesinn als international Day. Hei soll all Land eppes Typesches presentéieren. Fir wärend dem Dag hunn mir eis geduecht et wier flott wéi schonn sou oft Kniddelen ze maachen, well et hei einfach ass Zutaten ze kréien an och allgemeng ëmmer gutt ukënnt. Owes um international Day kann dann och all Land eppes presentéieren. Mir wollten duerfir een Opruff maache falls eng Patrull oder IST Loscht hunn hei eppe ze weisen. Z.Bsp een typescht Lëtzebuerger Scoutslidd ze sangen. Mir géingen eis frëe falls sech hei ee mellt, fir dass och mir als kléngt Land eng Kéier kënnen wéisen wat et bei eis an de Scouten fir Traditiounen ginn. Mellt iech hei einfach beim CMT.

## 6. Update CMT

Mir hunn an eisem CMT ee kléngen Changement. Leider kënnen d'Jennifer an de Bruno aus perséinlche Grënn net mei mat op den Roverway goen. Sie bléiewen awer nach am CMT an hëllefe wéiderhi mat plangen. Fir um Roverway selwer hu mir duerfir een neie Member am CMT an zwar d'Paule Donven vun den LGS Réiser wat dann den Steven um Camp wäert ënnerstëtzen. Mir soen dem Paule elo schonns villmools merci fir säin Engagement!

## 7. Kommunikatioun

Falls dir Froen hutt kontaktéiert w.e.g als alleréischt den CMT vum Contigent op cmt@rw2024.sil.lu

Kontaktéiert **NET** Norweger selwer. Sie kréien all Dag tonnen Mailen, an demno wéi mussen sie eis dann souwisou nach emol schreiwen. Duerfir ass et am beschten dir schreift eis, an wann mir keng äntwert wëssen schreiwen mir den Norweger. Rufft och w.e.g net am Sekretariat vun den LGS oder FNEL un, hei gëllt dat selwecht sie mussen um Enn och meechtens bei eis nofroen, well sie net Member vum CMT sin.

Weider Informatioune vum Contingent (Neiegkeeten, Dokumenter, FAQ, etc.) a vum Roverway sinn op eisem Internetsite disponibel: Internetsite

info@rw2024.sil.lu | Facebook | Instagram

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,
Jennifer, Bruno, Paule, a Steven